

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box	
Bestell-Nummer:	13005LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	3 Akte
Bünebiller:	1 Lichtung am Bësch
Spildauer:	+/- 130 Min.
Rollen:	8
Frauen:	4
Männer:	4
Rollensatz:	9Hefte
Preis Rollensatz	142,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13005LU

De Bëschcamp vu Manscheid

(Kaméidistéck an in 3 Akten
vum

Helmut Schmidt

iwwersat vum Jos Weimerskirch

Inhalt:

Zënter der Serie CAPITANI kennt all Mënsch Manscheid (Manscheid) a bei Aktiounen wéi "Eis Duerf soll méi schéin ginn" oder "Maer sinn dat propperst Duerf" huet Manscheid scho méi wéi eng Kéier de éischte Platz krut. Begeeschtert vum Asaz vu sengen Awunner huet de Schaffen- a Gemengerot elo dem Fernseh geschriwwen fir bei der Sendung "de Bësch-Camp" deelzehuelen. Bierger aus dem Duerf hu fir d'éischte hir Kandidaten dierfen proposéieren, duerno hunn d'Zuschauer vun der Sendung dierfen 6 Kandidaten bestëmmen. Kaum een aus dem Duerf hätt sech als Kandidat gemellt wéll een do ongewéinlech Spiller maache muss a virun allem muss een während enger Woch ouni Luxus op enkstem Raum zesummeliewen.

De Gewënner kritt 1 Millioun Euro a kann domadder maache wat e wéll, muss awer d'Hallschent vum Geld am Duerf investéieren.

An d'Leit hu gewielt.

Den Duerf-Paschtouer, eng Joffer aus der Primärschoul, en Dokter, de Buergermeeschter, di bekanntsten Nuddel aus dem Duerf an eng Fra déi als Clochard leeft, treffen openeen a sollen et zesummen am Bësch während 14 Deeg aushalen.

Di éischte Problemer ginn et schonn wann se all am Bësch ukommen. Kee wéll als Schwächling erikommen a fräiwëlleg senger Wee goen a jiddereen wéll natierlech d'Geld verdéngen. D'Joffer kapituliert no 3 Deeg als éischt a seet den Zuschauer vun der Sendung se sollen net méi fir hat uruffen wéll et wéilt goen, mee dat géllt hir net.

Mat de Spiller am Bësch, wou all Kandidat d'lessen fir di ganz Grupp erspille muss, hunn der vill grouss Problemer. De Chaos am Bësch gétt vun Dag zu Dag méi schlamm, de Buergermeeschter Heng spillt e falscht Spill a gesäit sech schonn als Gewënner, vum Dokter Blasius gétt eng onmoosseg Geschicht opgedeckt, d'Schouljoffer Marie-Julie ka keng Minutt verbréngen ouni, dass si net un d'Schoul denkt, d'Niddelchen versicht am Bësch nach weiderhin hirem Beruff nozekommen an d'Clochardmadame Irma gétt verdähtegt geklaut ze hunn.

Dee leschten Dag verléieren esouguer béid Moderatoren bal d'Nerven.

Mee wien gewënnt zum Schluss a fir wat ginn di Millioun Euro verbraucht?

D'Stéck spillt am spéide Summer an der Géigewaart.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Bünebild:

Eng Lichtung matzen am Bësch. Vir laanscht sti kleng Beem oder Hecken. Lenks ass en Toilettenhaischen riets di viischt Säit vun engem Haischen an deem d'Kandidaten iwwernuechten. An der Mëtt vun der Bün ass en Hallefkrees mat e puer Bänken oder aner Sätzgeleeënheeten, wéi of geseete Bamstämme, Steng, o.ä. De Buedem ass gréng oder brong ausgeluecht. Hannen ass eng Entrée fir an oder aus dem Bësch.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	
Caroline Taart	Moderatorin	
Marc Tomate	Moderator	
Henri (Heng) Sadler	Buergermeeschter	
Christophe (Chrëscht) Kutten	Paschtouer	
Marie-Julie Hauptert	Schouljoffer	
Dr. Blasius Salef	Dokter	
Sophie Birkel	Prostituéiert	
Irma Losselong	Clochard	

Akt 1

Ier d'Riddo opgeet gëtt dem Zuschauer folgend Sendung ugekënnegt:

“Meng Damen an Hären léif Zuschauer, d'Waarden ass endlech eriwwer. Vergiesst alles wat Daer bis ewell u Sendungen gesinn hutt. Kabel 3 presentéiert Aech haut – live di spektakulär Show déi et wierklech a sech huet. Freet Aech op d'Sendung “De Bësch-Camp vu Manscheed”. Begréisst mat maer a mat engem donnernden Applaus di zwee wonnerbar Moderatoren Caroline Taart an den Marc Tomate”.

Duerno kënnt eng instrumental Titelmelodie [fräi no Wal] an de Riddo geet op.

Szeen 1

D'Caroline Taart steet fir um Bord vun der Bün, kuckt no vir kuckt ca. 1 Meter iwwert d'Käpp vun de Leit an d'Kamera, déi net do muss sinn. Hat ass als Moderator natierlech ëmmer gutt gelaunt, frëndlech a laacht an d'Kamera. Hat huet e flott Kleed an enger opfälleger Faarf an eventuell Accessoires déi op e Bësch hindeiten wéi z.B. en Hutt o.ä. De Marc Tomate steet vir an der Mëtt vun der Bün, mécht dat selwecht ewéi d'Caroline. Och hien huet Kleeder an enger opfälleger Faarf kann och en Hutt, mat Efeu drop, o.ä. un hunn.

(D'Moderatioun vun deenen zwee ass bal e bëssen iwwerdriwwen – ëmmer gutt gelaunt, mat engem Laachen am Gesiicht ouni Kandidaten op der Bün a mat engem Bléck iwwert d'Käpp vun den Zuschauer ewech an d'Kamera.)

Caroline: *(schwätzt wéi de Marc an de Mikro)* Gudde Moien, léif Natioun. Endlech ass et nees esouwäit. Hei am Kabel 3 si maer di zweete Kéier am Bësch Camp. An ech si schonn opgereggt, op dat wat nach op eis zoukënnt. Geet et Daer och esou Marc?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marc: Richteg léift Caroline. Maer sinn hei haut am Bësch virum wonnerschéinen Duerf Manscheed. De Fernseh Sender Kabel 3 huet sech et wéi all Kéiers net huele gelooss et de Kandidaten sou gemittlech wéi méiglech ze maachen. Hahaha ...

Caroline: Wat een och ëmmer ënner "gemittlech" versteet gell mäi léiwe Marc.

Marc: Jo Caroline. Dat Duerf Manscheed huet scho vill vu sech schätze gedu an ass ëmmer positiv opgefall.

Caroline: Genau. Eréischt virun e puer Joer krut Manscheed de Präis als proppert Duerf. An dofir huet de Gemengerot gemengt dës Bierger sinn taff - dës Leit si cool, an elo sollen se dem ganze Vollek op Kabel 3 presentéiert ginn.

Marc: Genau, esou ass et. Haut ginn hei an de Bësch 6 Leit, déi Daer léif Leit um Fernseher, an de leschten 20 Deeg iwwer Telefon bestëmmt hutt.

Caroline: Et gouf 26 Kandidaten déi hei op dëser idyllescher Platz Aer Sympathie gewanne wollten an Aech während enger Woch weise wollten, dass se vu näischt Angscht hunn egal wat fir eng Aufgab op dës Kandidaten duer kënnst.

Marc: Am Daer hutt entscheet. Kee vun de Kandidaten weess mat wem hien et während enger ganzer Woch hei aushale muss- an dat mécht Stëmmung nach méi grouss an dëser wonnerbarer Show. Mee maer wëllen Aech net méi laang op d'Folter spanen an ech weisen Aech mat wem Daer et di nächsten Deeg ze di kritt. *(Hei setzt eng Fanfare an. Di 2 Moderatoren stellen sech lénks a riets vun der Bün an di eenzel Kandidaten kommen der Rei no vun hannen eran)*

Caroline: Vun den Zuschauer doheem gouf gewielt: De Mann fir Recht an Uerdnung. Begréisst mar maer de Buergermeeschter vu Manscheed den Henri Sadler. *(musikalesch Optrëttmusek)*

Szeen 2

Et gesäit een den Heng vun hannen op d'Bün kommen, seng Ae sinn verbonnen, e Statist hält him d'Aeklapp of. E kennt andeems en de Leit wénkt op d'Bün a laacht am Ufank nach. En huet e Kostüm, eng Krawatte an e faarwegt Hiem En huet eng modern Wallis mat Rieder, e kennt no vir a wierkt e bësse steif.

(Och wann di aner Kandidaten op d'Bün kommen hu se hir Ae verbonnen a kréien d'Klapp vun engem Statist ewech gemaach. Alleguer kommen se mat der selwechter Optrëttmusek eran an déi hält all Kéiers nees op wann de Kandidat vir bei de Moderatore steet)

Caroline: Här Buergermeeschter. Ass dat schéin? Sidd wëllkomm am BëschCamp.

Heng: *(e bëssen opgereegt)* Jo. Moien. Ech ... äh... et ass eng grouss Eier fir mech, dass ee mech hei kucke wëll. Ech wäert mäi Bescht bei allen Aufgabe ginn a wäert d'Leit vu Manscheed net enttäuschen. Ech ka just hoffen, dass déi ëmmer fläisseg fir mech uruffen, fir dass ech zum Schluss als Gewënner do stinn an 1 Millioun mathuelen, déi ech dann selbstverständlech zu 100 % an eist Duerf investéiere wäert.

Caroline: An do schneid den Här Buergermeeschter e wichtegt Thema un. Wëll deejeinegen dee gewënnt, léif Spectateuren, kritt tatsächlech 1 Millioun Euro. D'Hallschent muss en an iergend eng Aart a Weis am Duerf investéieren. Mee 500.000 € dierf de Gewënner selwer behalen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marc: An einfach esou ausginn?

Caroline: Esou ass et. Mee hei hu maer schonn dat éischt grousst Häerz am Bësch-camp. Wëll de Buergermeeschter Henri Sadler wëll - wann e gewënnt - di ganz Summen an d'Duerf investéieren. Ob dës Bauchpinselerei allerdéngs ukënnt, dat iwwerloossen ech Aech bei der Tëlee.... Hähähä...

Heng: *(entsat)*

Marc: Caroline - Caroline - du an däin Humor. Wann ech gelift Här Buergermeeschter huet Aech Platz.

Heng: *(sëtz sech op eng vun de Bänken)*

Caroline: T'ja mäi léiwe Marc - et sinn nun emol eis Spectateuren déi entscheeden. Daer doheem kënn 24 Stonne laang all Dag fir Aere Lieblingskandidat uruffen - an dat während 7 Deeg. An dëser Zäit gëtt keen hei erausgewielt. Kuckt also genee ween vun de 6 Bëschbewunner net ganz gréng hannert den Oueren ass oder wien bei eise wonnerbare Spiller versot huet. Wien de Gewënner ass, wësse maer eréischt an enger Woch.

Marc: An da wëlle maer direkt eisen 2te Kandidat begrëssen. Et ass eng Kandidatin. Meng Damen an Hären. Och ënnert de 6 Bierger déi Daer gesi wëllt ass eng Fra vu Manscheid déi jidderee kënn an dat am horizontale Geschäft schafft. Et ass d'Sophie Birkel. *(nees e kuerzen Optakt vun der Musek)*

Szeen 3

Sophie: *(kënn no vir nodeems seng Ae net méi verbonne sinn. Et ass gekleet wéi eng richtig Prostituëiert, bont Kleeder, an e ganz kuerze Rack, staark geschminkt ö.a. knat un engem Knätsch an huet eng grouss Posch ëm hir Schëlleren hänken)* Jo hi.

Heng: *(reegt sech op)* Ech kann et net gleewen, ech kann et net gleewen. A wat mécht HAT hei?

Caroline: Sophie Birkel kommt bis bei eis.

Sophie: Hi, geil, dass ech hei därf sinn. Richtig geil.

Marc: Sophie, wien hätt dat geduecht? War Daer iwwerrascht wéi Daer d'Noriicht krut hutt, dass Daer hei matmaache sollt?

Sophie: Nu jee- et kennt ee mech am Duerf, haaptsächlech d'Männer. A so wann ech gelift net "Daer" zu maer Pëppche jo? Wann d'Leit mech hei am Bësch gesi wëllen, fir wat net, mee da wëll ech och gewannen. Weess de, wann ech eng ganz Woch hei am Bësch sinn, komme keng Suen eran. Also loosst mech net am Stach, Daer virun aere Fernseher a rufft fir mech un.

Caroline: Jo do hues de wuel Recht. Denger Aarbecht kanns de an deenen nächsten 7 Deeg net hei nokommen, obwuel? *(kuckt zesummen mam Marc a mam Sophie op den Heng deen no fir gebéckt op der Bänk setzt)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Heng: Fir wat kuckt Daer mech esou? Gesinn ech villäicht aus wéi wann ech esou eppes (*weist op d'Sophie*) brauch an och nach dofir bezuele géif? Lächerlech.

Sophie: (*kann doriwwer just laachen*) Waart emol of, Baby, 7 Deeg Abstinenz kënnen laang sinn. Mat 50 € bass de derbäi.

Heng: Gott vun der Gerechten! Et ass eng Schan, dass esou eppes iwwerhaupt hei ass.

Sophie: Hey, bleif emol geschmeideg, Du Meeschter vun de Bierger, soss weisen ech Daer emol e neien Handgrëff deen nawell zimmlech wéi deet.

Caroline: Wéi der op der Tëlee gesidd, ginn hei grad di éischt nei Frëndschafte geschloss.

Marc: Wann ech gelift, léif Sophie, sätz dech dach, wëll maer wëlle net méi laang op eise Kandidat N° 3 waarden.

Sophie: *sätzt sech niewent den Heng, béid kucke sech rosen un*

Caroline: Hei ass en. Ech soe just: "... und führe mich nicht in Versuchung sondern erlöse mich vom Bësch-Camp".

Marc: E Mann fir Geescht a Glaf. Den Duerf-Paschtouer vu Manscheed den Christophe Kutten.

Szeen 4

De Christophe steet och elo hannen mat enger Aebind an engem schwaarzen Kostüm. Wéi hien erëm gesäit geet e no fir bei d'Caroline.

Caroline: Här Paschtouer Kutten, sidd wëllkomm. Wat sot Daer derzou, dass Daer hei dierft sinn?

Christophe: Gudde Moien, ech sinn dankbar, dass d'Leit et fir noutwenneg fannen, dass och e Paschtouer hei soll sinn.

Marc: Jo. Maer freeën eis och Här Paschtouer, d'Mëschung kéint net méi krass sinn.

Christophe: Stëmmt. A wee weess? Villäicht ass et esouguer ubruecht, dass maer hei am Bësch-Camp emol iwwert dem Herrgott seng Wieder nodenken. Ech liesen och gären emol aus der Bibel vir.

Sophie: Jo, awer just d'Story vum Maria Magdalena. Déi Moss ass maer esou sympathesch.

Heng: Jo sécher, wéi kéint et och anescht sinn? Déi huet hire Liewensstil jo och esou eescht geholl wéi Daer.

Sophie: Ech maachen dech fäerdeg, Du People-Master. Hal dech drop gefaasst.

Heng: Oh ech freeën mech schonns drop.

Christophe: Verurteelt elo net een deen aneren wéinst senge Manéieren a wéinst senger Aarbecht. Kuckt et mam Häerz, a sidd frou mateneen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Sophie: Jo esouwäit kënnt et nach, dass ech frou mat deem sinn. Pah, dee war maer nach ëmmer onsympathesch. Gudd, dass geschwënn Wale sinn.

Caroline: Köstlech einfach köstlech, wat hei schonn an deenen éischte Minutte geschitt. – Här Paschtouer sëtzt Aech einfach bei di 2 Engelen.

Christophe: (*mécht dat*) Jo gären.

Marc: Da maache maer de Quartett elo voll, begréisst mat maer eise 4te Kandidat: Di warscheinlech (*e bëssen ironesch*) beléiftsten Schouljoffer vun Manscheed, d'Marie-Julie Hauptert.

Szeen 5

Marie-Julie: (*kënnt wéi all di aner op d'Bün a geet fir d'éischt bei de Buergermeeschter. Si ass almouduesch ugedo a friséiert, huet en onmoderne Brëll op an eng gefüllte Schoulposch derbäi. Si ass streng an eescht, gëtt dem Buergermeeschter d'Hand*) Gudde Moien Här Buergermeeschter. (*dann dat selwecht beim Paschtouer*) Här Paschtouer, schéin Aech hei ze gesinn. (*da kuckt se verächtlech op Sophie, geet e Schratt zeréck a seet just knapps*) Gudde Moien. (*gëtt awer keng Hand*) Sophie- kand, wat ass aus Daer ginn? Du waars an der Schoul schonn ëmmer e speziell. (*rëselt de Kapp a geet zu deenen 2 Moderatoren, déi lauschteren awer virdrun dem Gespréich no an hunn och dohinner gekuckt*)

Sophie: Et gëtt maer schlecht. D'Haupesche. Weess de, ech hu sécher manner Suergen wéi s Du - wëlls de, dass een haut och nach ëmmer JOFFER Hauptert zu Daer seet? (*zum Paschtouer*) Weess der – Padre - d'Haupesche huet fréier ëmmer Wäert drop geluecht, dass een se mat JOFFER uriet an dat war net nëmme wëll se Schoul gehalen huet. Ech mengen déi verléisst d'Äerd nees ouni, dass jee eng Kéier bei hir op Besuch war.

Heng: Boah, wéi vulgär.

Sophie: Besser vulgär wéi esou onspektakulär wéi s Du, Buergermeeschter.

Christophe: Sophie, wann d'Madame – äh d'Joffer Hauptert Aer fréier Schouljoffer ass an Daer nach haut kleng Differenzen mateneen hutt, kënn Daer hei am Bësch d'Zäit notzen, fir alles vu fréier ze klären. Carpe diem, notzt den Dag.

Sophie: Ech mengen ech hätt besser gehat de Mond ze halen wéi ze soen wat ech vun dëser prüder Persoun halen. (*hëlt de Flachmann ënnert hirem Rack eraus deen et ënnert e "Strumpfband" geklemmt hat, mécht en op an drénkt e Schlupp*) Padre, wëlls de och?

Christophe: Nee Merci. Ech drénke meeschtens just owes eng Klenggeheet.

Marc: Meng léif Kandidaten. Wann ech gelift. Spéider ass och nach Zäit fir zesumme Bruderschaft ze drénken. Loosst eis fir d'éischt emol zesummen d'Marie-Julie begréissen.

Caroline: D'Marie-Julie Hauptert. Wëllkomm am Bësch-Camp.

Marie-Julie: (*streng*) Gudde Moien.

Marc: Madame Hauptert...

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marie-Julie: JOFFER wann ech gelift!

Sophie: Also ëmmer nach Jongfra! Ech hu maer et geduecht.

Marie-Julie: Tsss...

Marc: Marie-Julie, schéin Aech hei ze hunn. Mee esou wéi maer gesinn, hu Daer eng ganz Posch Proviant mat derbäi.

Caroline: An dat, léift Marie-Julie ass leider net erlaabt. Dat wat et z'iesse gëtt, gëtt zesummen erspillt.

Marie-Julie: Proviant? Dat sinn Ënnerlagen aus der Schoul. Aufsätz an Diktater, déi mussen nach all verbessert ginn.

Sophie: Ech packen dat net. Déi war schonn esou virun 20 Joer.

Marc: *(kann et net gleewen)* Aho jo. Ass dat esou Marie-Julie?

Marie-Julie: *(mécht seng Posch op)* Ëm Gottes Wëllen, wann Daer maer net gleewe wëllt, hei iwwerzeegt Aech selwer.

Marc: *(de Marc an d'Caroline kucken zesummen an d'Posch an dann nees fir an d'Kamera)* Jo léif Spectateuren, do si wierklech just Schoulsaachen dran. Et ass alles korrekt.

Marie-Julie: *(mécht d'Posch zou a schnauft rosen)* Wat hu Daer eng Meenung vu maer.

Caroline: Maer denken an éischter Linn, dass d'Mëschung hei am Camp net besser ka sinn. Maer wäerten eis këschtlech ameséieren. Wann ech gelift huet Aech niewent deenen aneren Platz.

(D'Marie-Julie sëtzt sech iergendzwousch hin setzt riicht, kuckt stuer op d'Moderatoren, hält hir Posch mat béiden Hänn um Schouss fest an hält keng Notiz vun deenen aneren)

Marc: D'Bierger vu Manscheed hu gewielt wat fir Kandidaten se gären hätten. Mee maer wëssen net fir wat si se gären hei hätten.

Caroline: Marc, du mings jo lo sécher awer net se géifen se aus Expressegkeet bestëmmen.

Marc: Caroline, ech hätt dat ni esou direkt gesot, mee wee weess?

Heng: Also mech hunn d'Bierger sécher aus Sympathie gewielt genau esou wéi si mech viru Joren zum Buergermeeschter gewielt hunn.

Sophie: Jo sécher- Klengkaréierten. Ech muss geschwënn katzen.

Marie-Julie: Kand, wann ech gelift. Ech wëll nach bemierken, dass eise Buergermeeschter och eng Wallis mat derbäi huet. Ass déi och kontrolléiert ginn?

Caroline: Wat ass dat HEI harmonesch, wonnerbar. Komme maer elo zum Kandidat 5. Ech, an ech mengen mäi Kolleeg Marc gesäit dat genau esou- si wierklech frou, dass en hei ass wëll et weess ee ni wat geschéie kann. Zu Manscheed huet en zënter Joren eng Praxis, a seng Clientskartei ass bis uewen hi voll, Meng Damen an Hären de Generalist a Gynécologue Dr. Blasius Salef.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 6

(De Blasius kënnt wéi all di aner op d'Bün, en ass iwwerrascht wann en di aner gesäit. En ass normal gekleet.)

Blasius: Här Buergermeeschter, Här Paschtouer, Joffer Hauptert, Sophie... *(e seet en all Moien andeems hien hinnen d'Hand gëtt, dem Sophie als lescht, et ass wichteg dass de Blasius e Rank un huet)*

Sophie: Hey Doc- alles Roger?

Blasius: Sophie, gudd, dass ech Aech hei gesinn. D'Resultater vun ärer leschter Kontrolle leie vir.

Marie-Julie: Kee géif sech wonneren wanns Du méttlerweil eng Krankheet häss?

Sophie: Hal de Mond Haupescht! Doc so maer elo net, dass ech den Tripper hunn. Also do si scho komesch Kärelen. Do war dach dee komesche Bock di lescht Woch, dee wollt jo tatsächlech, dass ech...

Marc: *(séier)* BLASIUS! Komm heihin fir, dass ech dech begrësse kann. Fir gesondheetlech Diagnosen bleift nach ëmmer Zäit.

Blasius: *(geet bei d'Caroline a bei de Marc)* Sophie maer ënnerhalen eis herno. Moien. Si maer elo op Sendung?

Caroline: Kloer dat, d'Sendung "De Bësch-Camp" gëtt vum Kanal 3 nach ëmmer zu 70 % live iwwerdro.

Blasius: Wou sinn dann d'Kameraen? Ech sinn esou opgereegt.

Caroline: Wou d'Kamerae sinn sollt keen vun de Kandidaten interesséieren. Dat géif eis dach alleguer just de Spaass verdierwen.

Blasius: Mee et gëtt jo awer keng Kamera an de Schlofzëmmer oder op der Toilette?

Marc: Dokter Salef. Wat stell Daer fir Froen? De Kabel 3 huet hei alles am Grëff.

Caroline: Genau esou ass et. Mee Du wierks sou iwwerrascht. Hues Du da bis ewell guer näischt matkritt? D'Joffer Hauptert huet hir Posch, de Buergermeeschter ...

Heng: Meng Bierger - ech hunn all meng Bierger vu Manscheed mat derbäi déif a mengem Häerz.

Sophie: Wann ech gelift - verschount eis.

Marc: An d'Sophie huet... äh...

Sophie: *(gräift no hirer Posch a weist e puer Kondomer)* Gummien. E puer Dosen. Dat ass meng Liewensversécherung. Déi hunn ech ëmmer derbäi et kann ee jo ni wëssen.

Blasius: Sophie, esou gehéiert et sech.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marie-Julie: Igitt dat ass jo grauenhaft.

Sophie: (zum Marie-Julie) Ma DU weess jo guer net wat een domadder mécht.

Christophe: "Einsamkeet ass keng Sënn" mäi Kand.

Sophie: Da ka sinn Padre, mee prüde sinn, ass och net dat gielt vum Ee.

Marc: Blasius, Dr. Blasius Salef. Schéin, dass d'Bierger vu Manscheed och en Dokter hei wollten hunn. Wat eis allerdéngs wonnert, wou ass Aer Dokteschposch?

Blasius: Ma jo, Ech sinn net am Déngscht hei, hoffen ech emol. Dofir hunn ech déi bewosst doheem gelooss.

Marc: Dat geet an d'Rei well de Kabel 3 huet extra en Dokter fir hei engagéiert, falls emol een e Problem sollt hunn.

Sophie: Falls ech emol engem Kandidat d'Aen erauskraze sollt oder engem eppes Ofschneide géif? Hä hä...

All di aner Kandidaten huelen déif Loft a wëllen eppes veriergert soen, mee d'Caroline intervenéiert.

Caroline: ... oder een sech einfach eng liicht Erkältung zougezunn huet. Wat ech net hoffen.

Marc: Mee awer ass et schéin ze wëssen, dass och en Dokter am Camp ass. Blasius huel Daer wann ech gelift Platz well maer wëllen eise sechsten a leschte Kandidat begéissen.

Blasius: Merci. Ech sinn esou opgereegt. Wou sinn da nëmmen di Kameraen (*kuckt iwwerall fir eng Kamera ze entdecken, setzt sech dann bei d'Sophie an ënnerhält sech kuerz mat deem ouni, dass de Publikum eppes matkritt*)

Caroline: D'ja léif Zuschauer, eng Persoun feelt nach an dann ass eist Team am Bech-Camp komplett, an iwwer dës Kandidatin freeën ech mech ganz besonnesch. Geet et Daer och esou Marc?

Marc: Caroline, du sees dat, wat ech di ganzen Zäiten geduecht hunn. Net all Leit hunn eng Schaff, och net an dësem wonnerschéinen Duerf an et gi Leit déi sinn do ganz haart beträff, Leit déi net emol en Daach iwwert dem Kapp hunn.

Caroline: Jo dat ass traureg mee et stemmt. Mee och wann si zu deene ganz ënne gehéiert, ass se awer beléift. Wëll se ass gewielt ginn fir emol en anert Liewen féieren ze därefen. Och wann et just fir eng kuerz Zäit ass.

Marc: Meng Damen an Hären, begéisst mat maer de beléiftste Clochard vu Merscheed: d' Irma Losselong.

Szeen 7

Irma: (nach ëmmer mat enger Klapp virun den Aen) Huel maer endlech dat blöd Déngen ewech. Ech wëll nees gären eppes gesinn. (*kënnst vir bei di 2 Moderatoren. Si huet al dreckeg an ofgenotzte Kleeder, evtl. en etlech Räck iwwerteneen, 2 Jacketten, eng gestréckte Mutz o. ä. Si huet 3 bis uewen hin gefüllten Plastikstuten vum Aldi, Lidl oder Netto, hiert Gesicht*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

ass och liicht dreckeg) Ech verstinn dat alles net. Wat soll dat hei? Firwat soll ech an de Bësch plënnere?

Caroline: Halli-Hallo Irma. Moien am Bësch-Camp.

Marc: Schéin, dass de hei bass.

Irma: Kann emol ee mech opklären? Wien an aller Welt huet mech fir dëse Blödsinn ugemellt? Zënter 2 Joer liewen ech zu Miersch ënnert der roudere Bréck an et goung maer do gudd bis do eng Kéier ee laanscht kouw a sot do wiere Leit di gären hätten, dass ech eng Zäitche heihinner plënnere soll, an dann hëlt mech mat.

Marc: Genau. Du kriss eng Chance hei als Gewënner erauszegoen an duerno villäicht e ganzt anert Liewen ze liewen. A wien dech hei ugemellt huet, dat wësse maer och net. Du bass hei a maer freeën eis, och wann' s Du, nu jee, e bëssen anescht bass, wéi de Rescht hei.

Irma: Ech hat vill Pesch. An zënter de Fidi mech d'lescht Joer verlooss huet fillen ech mech och heiansdo aleng. Mee e war al a krank an do gouf et keng Hëllef méi. Well de Wanter hei am Land ewell richtig mell ass an ech bal ni Hunger leiden geet et maer gutt. D'Leit si frëndlech a gi maer heiansdo z'iessen.

Marc: Well se dech gären hunn Irma. An dofir hunn se dech och bestëmmt fir hei derbäi ze sinn. Wéi et och ëmmer hei si sollt, an dëser Woch fills du dech sécher net méi schlecht wéi ënnert der Bréck.

Irma: Ma dat gesi maer nach. Hei sinn esou vill Leit. Dat gefällt maer guer net.

Marie-Julie: E Clochard. Hei ass tatsächlech e Penner ënnert eis.

Heng: Daer schwätzt maer aus der Séil, Joffer Hauptert.

Sophie: Tja Bretzert - et waren OCH deng Bierger di dës Fra hei eragewielt hunn.

Heng: Ech géif nawell wetten, dass et bei dëser Wiel net richtig zougaangen ass.

Sophie: Ech mengen wéi de Buergermeeschter gewielt gouf, ass och eppes schief gelaf.

Heng: Frech Louder.

Christophe: Kanner sidd léif mateneen.

Blasius: Em Gottes Wëllen. Wat sinn ech esou opgereeget - wou sinn da nëmmen di Kameraen?

Sophie: Doc. Lo bleif emol labber.

Christophe: Irma setzt Aech bei eis. Et ass an der Rei. Daer sidd och e Kand vum Herrgott, an esou ewéi Daer sidd, huet hien Aech gär.

Marie-Julie: Mee mat e bësse manner Dreck, wier de Geroch manner penetrant an ech mengen dat hätt den Herrgott grad esou gär.

Sophie: Besser dreckeg Kleeder, wéi en dreckege Charakter.

Marie-Julie: Dat hunn ech NET héieren.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Sophie: Ech hunn et awer gesot Besserwësser.

Irma: Nu jee, wann Daer mengt sëtzen ech mech bei Aech. Huet ee Knätsch vun Aech?

Sophie: Sécher dat. (*gëtt him een*)

Irma: (*setzt sech iergendzousch hin a knätscht*) Du bass e gudd Meedchen.

Marie-Julie: Tsss...

Caroline: Maer sinn komplett, léif Natioun. Di sechs Kandidaten sinn all ukomm an elo geet d'Spill hei am Bësch-Camp lass. Jidderee vun de Bewunner huet eng speziell Nummer déi Daer hannert der ageblentener Telefonsnummer drun hänkt. Vun elo un däreft Daer uruffen an dann entscheet sech, ween vun dese Camper am sympatheschsten ass, an zu Schluss als Gewënner de Bësch verléisst.

Marc: Esou ass et. Dat gëtt eng riseg Freed dat kënne maer elo scho versprechen. An ier maer de Kandidaten di éischt Aufgab presentéieren wëlle maer nach vun hinne wëssen op se speziell Froen hunn déi hinnen um Häerz leien?

Blasius: Jo natierlech. Wou genau sinn d'Kameraen a wéivill Kamerae sinn et iwwerhaapt?

Heng: Här Dokter, elo geet et awer duer.

Marie-Julie: Ech hätt eng Fro zu de Schlofräim. Hu maer Eenzelzëmmer oder wéi gëtt dat gereegelt?

Caroline: Marie-Julie Häerzchen, maer sinn am Bësch. Scho vergiess? De Kabel 3 huet eng Hütt aus Holz opgeriicht – hei. (*weist drop*) Dësen Agaang ass fir d'Damen an di Dier dohannen ass fir d'Hären.

Marie-Julie: Ech soll mat enger Persoun aus dem horizontale Geschäft a mat engem Clochard an enger hëlzener Brack hausen?

Marc: Ah jo, ass dat net wonnerbar? An de sanitäre Beräich ass do. (*weist op d'Toilettenhaischen*)

Marie-Julie: (*ass ausser sech*) Ech, ... ech, ...

Sophie: (*lëscht*) Muer si just nach 5 Kandidaten hei- wëll nämlech een dout ass. Entweder huet si sech selwer ëmbruecht oder et huet ee nogehollef. Hähähä,...

Marie-Julie: Ka gudd sinn. Freed sech just WIEN muer dout ass du Grimmel.

Christophe: Kanner wann ech gelift.

Caroline: Léif Spectateuren, ass dat net këschtlech hei? An ech mengen maer sollten och direkt mat der éischter Aufgab ufänken.

Statist: (*kënnt vun hannen mat enger Enveloppe a geet direkt nees*)

Marc: An do hu maer se och schonn. Villmools Merci. (*e mécht d'Enveloppe op an hält e Blat Pabeier eraus*).

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Caroline: Dat éischt Spill ass fir Aech. Ech si gespaant wat se sech fir Aech ausgeduecht hunn.

Marc: Meng Léif, *(liest)* Aer éischt Aufgab bei déi Daer richteg Punkte kënnt. heescht Mouden-Defilé am Bësch-Camp.

All: *(e bëssen iwwerrascht, wannere sech maachen e Geste vun entsat sinn, laachen o.ä.)*

Caroline: *(liest of)* Hannen am Bësch fann Daer verschidde Kleedungsstécker. Wat Daer huet ass Aech iwwerlooss dräi vun Aech wäerten déi virféieren während di aner dräi dat ganz kommentéieren. Loosst ärer Performance, ären Iddien fräie Laf a maacht et esou interessant, dass d'Zuschauer begeeschtert vun Aech wäerte sinn.

Marc: An dat bedeit: Maer brauchen 3 Koppelen déi de Kabel 3 bestëmmt huet.

Marie-Julie: Dat kann dach net sinn.

Heng: Och dat nach.

Sophie: Dat kann dach ganz lëschtteg ginn.

Blasius: A sécher gëtt alles mat de Kameraë festgehal. Wou sinn se? *(kuckt nees ronderëm)*

Caroline: An HEI sinn d'Koppelen. Di éischt Koppel sinn de Paschtouer Kutten mam Sophie.

Sophie: Geil - Padre give me five. *(hält d'Hand dohin)*

Christophe: *(e weess net wat e maache soll, schléit herno awer an nodeems d'Irma him gewisen huet wat e maache soll)* Asou, - lo kucke maer emol wat maer doraus maachen. Du méchs sécher eng gudd Figur, egal bei wat fir enger Kleedung.

Sophie: Moment emol Padre, wien seet dann dass ECH mech verkleeden?

Christophe: *(mécht eng Paus fir ze iwwerleeën)* Här stéi maer bei.

Caroline: Di 2t Koppel heescht de Buergermeeschter Heng am Irma.

Heng: *(hält Loft a wëll schonn eppes soen)*

Irma: *(zesummen mam Sophie)* SO NAISCHT.

Heng: Ass jo scho gudd.

Marc: Domadder steet dann och elo di 3t Koppel fest den Dokter Blasius ... mat der Joffer Marie-Julie Hauptert.

Marie-Julie: Majo, vu maer aus, dat ass ëmmerhin besser wéi...

Irma: *(nees mam Sophie zesummen)* SO NAISCHT!

Marie-Julie: Elo gëtt maer hei och nach verbueden eppes ze soen?! Interessant Eh Madame Taart – Schlessen, - ech misst eigentlech nach e Koup Dictéeën kontrolléieren. Dat ass dach sécher hei méiglech oder?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Caroline: Fir d'éischt mol solle maer endlech all mat deem "Daer " ophalen. Ech mengen et ass méi einfach wa maer eis all duzen.

Sophie: Ech hu nach ni ee gedierzt, just zur Informatioun.

Caroline: Sinn di aner dann alleguer domadder averstanen?

Marie-Julie: Gi maer dann iwwerhaupt nach gefrot? Et krit een net emol eng richtig Äntwert op eng wichteg Fro.

Marc: Daer hutt 10 Minutten Zäit fir dës Aufgab. Gidd Aech ënnerteneen eens wien d'Kleeder presentéiert a wien derzou d'Moderatioun mécht. Maer si gespaant -an d'Spectateure sinn et sécher och. Vill Spaass a bis geschwënn. *(béid Moderatoren ginn no hanne fort)*

Caroline: Tschüßiiii...

Szeen 8

Marie-Julie: 10 Minutten? Wéi soll een dat dann fäerdeg bréngen? A wou sinn d'Kabinnen? *(rifft deenen 2 Moderatoren no)* Hallo, eh- ech mengen, Daer kënnt dach net einfach esou goen. Ech hunn nach esouvill Froen.

Sophie: Schlaumeier - 10 Minutten missen dach e Kannerspill fir dech sinn- Iergend eppes almoudesches wäert dach sécher fir dech an enger vun de Këschten sinn. E schéine wëllenen Rack oder eng ënnescht Box mat Been, schwéngs rosa...

Marie-Julie: *(steet entsat op)* Här Dokter - oder därfer ech wierklech Blasius soen - ech mengen wéinst de Manéieren?

Blasius: *(steet op)* Jo sécher.

Marie-Julie: Also gudd. Da komm mat no hannen fir, dass maer dës penibel Situatioun hannert eis bréngen a maer d'Präsenz vu verschidde Leit net méi erdroe mussen.

Blasius: Jo gären. *(iwwerdeems e fort geet)* So emol hues Du schonn iergendzwousch eng Kamera gesinn?

Marie-Julie: *(generft)* Wann ech gelift. *(béid fort)*

Szeen 9

Sophie: Ech si gespaant wéi e Bou, mat wat fir e Fummel soll dat prüd Stéck erëmkommen?

Christophe: Sophie Kand- kontrolléier deng Zong.

Sophie: Et ass schonn gudd.

Christophe: An 10 Minutten sinn séier eriwwer. Ech mengen maer sollten eis och op de Wee maachen.

Sophie: *(sprengt spontan op)* Padre- ech si prett.

Christophe: Mee ECH guer net. Ech si maer net sécher ob ech der Saach gewuess sinn. Ech kenne mech do guer net aus. Ech hu meeschtens ëmmer dat selwecht un.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Sophie: Mee ech kenne mech doranner aus- komm hei. Dat gött eng Fred.

(béid gi fort)

Szeen 10

Liicht gespaante Paus a Stëll tëschent dem Heng an dem Irma.

Irma: Kuck mech net esou. Ech hu maer dee Blödsinn net ausgeduecht.

Heng: *(dee richtig rosen dra gekuckt huet, kuckt sech iwwerall ëm a sicht uewen)* Et ass jo gudd. So emol. Mengs de, dass maer elo live am Fernseh ze gesinn sinn?

Irma: Wat weess ech, et ass maer och egal.

Heng: *(steet op)* Dat ass aarmséilech di Saach hei, mee egal?! *(kuerz Paus)* Maer mussen elo derduerch.

Irma: Hhmmmm --- Vill Loscht hunn ech net derzou. Ech kann dech souwéisou net ausstoen. Du bass Buergermeeschter an hues awer keen Häerz fir déi di keen Daach iwwert dem Kapp hunn. Fir wat gött et keen Haus fir eis un Manscheed?

Heng: Dat ass hei elo net d'Thema. Wa maer gäre Punkten hätten a gewanne wëllen, bleibt eis näischt anescht iwwereg wéi dee Quatsch matzemaachen - Ech kucken emol wat di aner maachen. Ech sinn direkt nees do. *(e geet schätzeg no hanne fort)*

Szeen 11

Irma: *(aleng)* Ma super. Do ginn ech einfach esou an dat dommt Bësch Camp gesat. Kann emol ee maer soen wat ech hei soll? A wéini et iwwerhaupt eppes z'iesse gött? *(steet op)* Nu jee ob mannst ass en Dëppchen hei. Dat ass jo alt emol eppes. *(geet op d'Toilette; Paus)*

Szeen 12

Heng: *(kënn mat engem Koup Kleedungsstécker, geheet se an d'Mëtt vun der Bün)* Kuck emol Irma. wat géif Daer do gefalen? *(kuckt sech em)* Irma?. Super Lo ass déi einfach fortgelaf. *(geet dann bei seng Wallis, hält den Handy eraus, tippt eng Nummer a waart e bëssen, geet no vir lénks oder riets op de Bord vun der Bün, kuckt sech em fir sécher ze sinn, dass keen do ass)* Laurent? Ech sinn et den Henri. Du kanns de Bau vun der neier Gemeng an d'Weeër leeden. Am Beschte soll muer schonn de Grondsteen geluecht ginn. Ech hunn d'Millioun esou gudd ewéi. Fir wat? Ma lauschter emol ech sinn de Buergermeeschter. An Du misst emol di aner Kauzen hei am Bësch gesinn - alles 2te Choix. - Jo maach dat. A fir de Bau vun der Gemeng just di Beschte Saachen, héiers de? Och fir meng privat Zëmmer an der neier Gemeng Ech wëll jo ënnert dem Daach eng kleng Wunneng hunn. An d'Krinn am Buedzëmmer hunn ech am léifsten vergolt. Ech verlooosse mech op dech. Elo muss ech Schluss maachen Äddi. - *(kuckt sech em an tippt ob e neist eng Nummer)* Thérèse? Ech sinn et den Henri. Dat ass d' Hell hei. Just primitiv Leit an 2 verréckte Moderatoren. Dat ass hei einfach ënnert mengen Niveau. *(kuerz Paus)*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 13

(D'Irma kënnt vun der Toilette hir hänkt nach bal 1 Meter Toilettëpabeier hannen um Rack, hat bemierkt dat elo eréischt a knujelt et zesummen, et lauschtert dem Heng no)

Heng: *(gesäit hat net a fiert no enger klenger Paus weider)* Kanns Du mech net no e puer Deeg hei ewech huelen? Et geet jo duer wann ech herno wann de Gewënner verkënnegt gëtt nees hei sinn. Jo sécher ech weess, dass d'Bierger mech hei era gewielt hunn. Mee wann et awer eng wichteg Ursaach gëtt fir wat ech de Camp verlooosse muss, da wäert jiddereen dat verstoen. Ëmmerhin geet et maer jo ëm de Wuel vun de Bierger. Sécher stinn ech herno besonnesch gudd do. Allez streng emol e bëssen däi Gehier un. Als Fra vun engem Buergermeeschter misst dat jo kee Problem fir dech sinn. Iwwerlee der eppes. Eng Katastrophe, fir dass jidderee versteet, fir wat ech kuerz eraus muss. Jo, Du kriss e Pelzemantel dofir versprach. Haaptsaach Du befreis mech vun dësem a soziale Pak, dem liichte Meedchen an dem sténkege Clochard. – Jo bis eng aner Kéier. Ech melle mech nees. *(dréckt nees op d'Taste vu sengem Handy)*

D'Irma räuspert sech

Heng: Ah - Irma. Do bass de jo nees.

Irma: Jo hei ass dee sténkege Clochard nees. Ech hu just mäin Daarm eidel gemaach.

Heng: *(fillt sech ertappt)* Jo haha ... a wéi laang hues da schonn? ... Ech mengen Du hues jo sécher net ...

Irma: Dach. Ech hunn alles héieren wat' s de mat denger Fra geschwat hues.

Heng: Irma ... weess de et ass net alles esou wéi' s de mengs.

Irma: Ah nee? Wéi ass et dann?

Heng: *(zitt säi Portmonnie)* Wat hält' s de vun 100 €? Domadder kënns de herno laang iwwert d'Ronnen, an dat wat' s de gehéiert hues verléisst däi Mond einfach net. Ass dat kee gudden Deal?

Irma: *(gräift séier no de Suen)* Merci Buergermeeschter Sadler, mee et ass awer lamentabel wat Daer hei ofzitt an ech loossen Aech dëst Spill duerchzéien. A wat ech wiem erzielen oder wiem net, dat musst Daer maer schonn selwer iwwerloossen. Ech loosse maer de Mond net verbidden. *(hëlt de Koup Kleeder a geet domadder no hannen, dréit sech nach eng Kéier ëm a seet)* Hues DU dat verstanen Buergermeeschter!

Heng: *(ageschüchtert)* Jo sécher, hunn ech Irma, ech mengen Madame Losselong. Maer fannen do ganz sécher eng Léisung.

(séier hannendrun; béid fort)

Szeen14

(De Marc an d'Caroline kommen zeréck.)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marc: Mat engem ganz liichte Spill fänke maer an dëser Staffel vum Bësch Camp un. Mee wat eis Kandidaten an de nächsten Deeg erwaart dat verrode maer am Beschten nach net. Hähähäh

Caroline: Also Marc – se musse jo awer keng Käferen oder Wierm iessen wéi an enger anerer Fernseh-show.

Marc: Käferen a Wierm villäicht net Caroline, mee et gi jo awer nach aner Sauereien. Hähähäh. ... Mee elo kucke maer emol fir d'éischt ob di éischt Koppel fäerdeg ass. *(béid kucken a ruffen no hannen)*

Caroline: Marie-Julie a Blasius, si Daer sou wäit?

Et erklängt eng Musek déi verklängt wann Marie-Julie op der Bün ass.

Szeen 15

Marie-Julie: *(deet Kreesch a kënnt voller Panik mat den Hänn an der Luucht eran. Si huet just Ënnerwäsch un well se beim undoen net fäerdeg ginn ass. Eng almoudesch ënnescht Box mat laange Been a Rüschen. Dat iewescht ass genau esou almoudesch – event. e Korsselié o.ä. Si weess an hirer Panik guer net wou se hi soll a leeft an engem Stéck op der Bün hin an hir)* Eng Maus- eng ganz déck Maus! Aaaaaah... *(flücht dann an d'Toilettenhaischen)*

Marc: Em Gottes Willen. Wat war dat?

Caroline: Dat war definitiv eis Joffer Marie-Julie, wat sécher e bëssen a Panik gerode war, Marc. War dat da schonn d'Moud déi se eis presentéiere wollt?

Marc: Dat huet éischter no ënneschter Wäsch ausgesinn. *(geet bei d'Toilettenhaischen)* Marie-Julie, komm dach eraus. Maer wellen elo dat Spill spillen.

Marie-Julie: *(aus dem Haischen, nach ëmmer panesch)* Nee, nimools. Hei lafen der mat 4 Been erëm, Mais esou grouss wéi Bisamraten. Nee ech kommen net méi eraus.

Szeen 16

(De Blasius kënnt vun hannen an hält eng doudeg Maus um Schwanz.)

Blasius: Ech hu se Marie-Julie. Et ass alles an der Rei. Daer wäert näischt geschéien.

Marie-Julie: Dat ass awer just eng. Sécher gehéiert déi zu enger ganzer Famill. Dat erdroen ech net. Em Gottes Willen do kommen ech ni méi zou maer.

Marc: Tja léif Spectateuren, eng Maus hei am Bësch, wien hätt dat geduecht?!

Blasius: Gesäit een dat och op der Tëlee? *(hält stolz d'Maus an all Richtung)*

Caroline: Allerdéngs. Wat eis awer elo vill méi interesséiert, Blasius – wat gëtt dann elo aus ärer Virféierung?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Blasius: Jo ech weess net. D'Marie-Julie war nach net ganz fäerdeg. A wann et net aus dem Haischen erauskomme wëll ...

Caroline: Oh dat wier schuet. Dann kann d'Publikum Aech net bewäerten.

Blasius: Nu jee ... mee ech hunn ëmmerhin eng Maus ëmbruecht. Villäicht bréngt eis dat deen een oder anere Punkt.

Marc: Jo dat ass méiglech. Mee da kucke maer emol fir d'éischt ob dat gudd Sophie an de Paschtouer scho fäerdeg sinn fir hir Demonstratioun. *(riff no hannen)* Sophie? Här Paschtouer. Däerfe maer Aech fir e Moudendéfilé erwaarden?

Szeen 17

Sophie: *(kënn op d'Bün)* Yepp - dat däerf Daer. Dat heescht wann de Padre net zéckt.

Caroline: Wat heescht hei zécken?

Sophie: Ma jo en huet méi wéi eng Dose Mol gebiet wéi en sech anescht ugedo huet an zum Herrgott gesot, dee soll him verzeien well e wéisst net wat e mécht. Ech fannen hien ëmsou méi geil.

Marc: Wat dat ganz nach méi spannend mécht.

Blasius *(steet elo beim Toilettenhaischen a klappt e puer Mol dergéint)* Marie-Julie komm elo nees eraus. Du verpass alles. A wann' s Du dech nach séier anescht undees kënne maer nach e puer Punkten sammeln.

Marie-Julie: Nee- nimools – a verschwann mat der Maus. Och wann déi dout ass stierwen ech.

Sophie: Doc, looss et do futti goen. Déi wëll dat dach och.

Marc: Bleiwe maer dach bei eiser 2ter Koppel. Hei gouf sech entschloss, dass d'Sophie d'Moderatioun iwwerhëlt an de Paschtouer d'Kleeder presentéiert.

Sophie: Ech hunn him misse versprechen, dass ech emol nees eng Kéier Sonndes an d'Mass ginn.

Marc: Wann ech gelift, Musek fir di éischt Show a fir de Paschtouer Christophe Kутten. *(Musek ertéint bis zum Christophe sengem Optrëtt. Do derzou passt e Song wéi "You can leave your hat on", "Relax" oder "Dancing Queen". De Marc an d'Caroline stellen sech riets a lenks vun der Bün)*

Szeen 18

(De Christophe kënnt vun hannen guer net iwwerzeegt op d'Bün. En huet en änleche Outfit un wéi d'Sophie. Op mannst gesäit seng Kleedung aus wéi wann en op der Strich géif goen. evt. Lieder bzw. Mini Jupe, Strëmp, Schung mat héijen Tallongen, Bluse, (opgeknäppt) Paréck a Plomme Boa. En ass och geschminkt. - Nodeem et him am Ufank schwéier gefall ass kënnt

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

et lo vir op d'Bün mat engem erotesche Bléck a Gang. D'Musek gëtt elo lues an hält schliisslech ganz op.)

Caroline: *(Iwwerhëlt d'Moderatioun)* De perfekten Outfit fir de Moude bewossten Här vun haut. Net nëmmen dat weiblecht Geschlecht huet e Recht op Faarf. Haut ass Schluss domadder. Maer gesinn hei e Mann an enger perfekter Kombinatioun aus Erotik a Glaf.

Christophe: Herr stéi maer bäi. *(geet hin an hier a modelt)*

Marie-Julie: *(kënnt elo endlech aus dem Toilettenhaischen an ass entsat)* Em Gottes Willen. Här Paschtouer - Igitt wéi pervers.

Sophie: *(Kuckt op d'Marie-Julie)* Richteg, igitt DAAT ass pervers.

Marie- Julie: TSSSS....

Sophie: *(widmet sech nees der Moderatioun)* Kuckt Aech dach emol di Veraarbechtung vum Rack un, meng Damen an Hären - a virun allem di Been, déi di Strëmp esou gutt droe kënnen. *(heemelt en un de Been)*

Christophe: Huch...

Marc: *(a Caroline kommen derzou)* Herrlech, mee ech mengen et geet elo duer. Dat ass wierklech kěstlech a virun allem sollt ee ni de Courage verléieren, Här Paschtouer – Sophie – do wäerten elo vill Spectateuren fir Aech uruffen.

Caroline: Dat war eng groussaarteg Iddie, d'Rollen ze vertauschen, an dann och nach Kleeder ze presentéieren déi gewot sinn.

Christophe: Maer kéim et geleeën, wann dësen Optrëtt vu maer gekierzt oder ganz geläschet géif ier d'Sendung op der Tëlee kënnt.

Marc: Dat ass eng besonnesch schlecht Propose Här Paschtouer, wëll maer si live.

Christophe: Herrgott am Himmel. *(setzt sech séier, schummt sech a biet)*

Marie-Julie: *(kuckt op en erof)* Live? Grad elo? NEEEEEEEEEN!!!! *(flücht no hannen a rífft nach dem Sophie an dem Christophe no)* Schumme sollt Daer lech.

Sophie: *(rappt dem Blasius d'Maus aus der Hand a geheit se no)* Du awer och, Besserwësser.

Marie-Julie: *(wat nach net ganz fort war, jäizt nees op)*

Caroline: Ass dat net genial dir Damen an Hären?! an elo waarde maer nach op di 3t Koppel mat hirer Show. Op d'Irma Losselong an dem Buergermeeschter Henri Sadler. *(et ertéint Musek)*

Szeen 19

D'Irma kënnt mat enger Schubbar eran, doranner läit den Heng. En ass mat méi Seeler gefesselt an huet de Mond zougepecht. D'Musek hält op. Jiddereen ass iwwerrascht an erféiert.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Marc: Ech verstinn et net – wat geschidd hei?

Sophie: Geil Irma.

Blasius: Si ass him Meeschter ginn. Eisem Buergermeeschter.

Sophie: War en opdrénglech ginn?

Caroline: Wat huet dat ze bedeiten?

Irma: *(huet mëttlerweil d'Schubbkar niddergesat. Si steet vir mam Gesicht zum Publikum)*
Opdrénglech, nee dat net, wësst der eise Buergermeeschter huet eis all eppes matzedeelen.
Ass et esou Här Buergermeeschter?

Heng: *(wénkt "Jo" mam Kapp)*

Irma: *(rappt him de Pesch vum Mond erof)*

Marc: Do si maer awer elo gespaant.

Heng: *(schnaapt no Loft)* Ech.... Ech....

Irma: *(drot)* Jo, maer héieren!

Heng: *(gesäit keng Chance fir sech)* Ech hat elo grad menger Fra telefonéiert.

Marc: Handye sinn hei verbueden.

Heng: Ech weess.

All: *(am Kouer)* Buuuuuuh...

Irma: Dat ass e Näischnotz, gell?! A weider!? Wat hues de eis nach ze soen?

Heng: Et deet maer Leed an Daer hutt all eng gudd bei maer.

Sophie: Héiert, ech weess net wat' s Du Irma mat eisem People-master gemaach hues, mee et schéint nach lëschtég mat him hei ze ginn.

Marc: *(kuckt mam Caroline no vir)* Ma dat menge maer och.

(allebéid ginn no hanne fort)

(Jiddereen ausser d'Irma an den Heng ginn och no hannen fort.)

Szeen 20

Irma: Wee seet et. Et geet dach. A vun deem WAATS DU enger Fra gesot hues, ass bis ewell keen informéiert. *(mécht him d'Hänn lass)*

Heng: Jo, an dat bleift och esou?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Irma: *(laacht minimal)* Jo, sécher dat. *(Hält d'Hand op a waart)*

Heng: *(zitt widderwëlleg sai Portmonnie a gëtt hir 300 €)*

Irma: *(hëlt se an hält nees d'Hand dohin)*

Heng: Nach méi? Dat sinn 300 €. Du kanns dech glécklech schätzen, dass ech iwwerhaapt esouvill Bores derbäi hunn. Wat wëlls de nach? 300 € waren ofgemaach.

Irma: Ech wëll den Handy.

Heng: Oh nee. *(gëtt hir en dann)*

Irma: Esou ee wollt ech schonn ëmmer eng Kéier hunn. Merci. Dat gëtt eng schéin Woch mat eis Buergermeeschter. Ech spieren dat elo schonn. *(pecht him de Mond zou an dréckt en nees eraus.)*

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstéck
"de bëscheamp vu Manscheed"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstéck liesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstéck

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstéck gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
[www. mein.theaterverlag.de](http://www.mein.theaterverlag.de)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de